Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°5011

Financement du programme LEADER au Luxembourg

Déposée par: *Streff Ben*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *25.10.2026*
Date limite de réponse: *24.11.2026*

De LEADER-Programm spillt zanter ville Joren eng wichteg Roll bei der Entwécklung vum ländleche Raum zu Lëtzebuerg. Duerch dëse Programm ginn op lokalem a regionalem Niveau eng ganz Rei Projeten ënnerstëtzt, déi d'Zesummeliewen, d'lokal Wirtschaft, den Tourismus, d'Kultur an d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemenge förderen.

Besonnesch wäertvoll bäi LEADER ass, dass d'Projeten direkt aus de Regiounen eraus entstinn an a Partnerschaft tëscht lokalen Acteuren, Gemengen, Veräiner an Entreprisen ëmgesat ginn. De Programm erméiglecht et esou, konkret Initiativen ze ënnerstëtzen, déi op d'Bedierfnesser vun de Leit an de Regiounen zougeschnidde sinn.

Am Kader vun de Verhandlungen iwwert den nächste méijärege Finanzkader vun der Europäescher Unioun fir d'Period 2028 bis 2034 an déi zukünfteg gemeinsam Agrarpolitik stinn allerdéngs Ännerunge bei der Finanzéierung vun der ländlecher Entwécklung am Raum.

Och wann de LEADER-Programm weidergefouert soll ginn, gesäit de Virschlag vun der Europäescher Kommissioun keng spezifesch finanziell Mindestdotatioun fir dëse Programm méi vir. Domat stellt sech d'Fro, wéi seng laangfristeg Finanzéierung ofgeséchert ka ginn a wéi eng Konsequenzen déi geplangten Ännerunge fir déi Lëtzebuerger LEADER-Regioune kéinten hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

Wéi bewäert d'Madamm Ministesch de LEADER-Programm a seng Bedeitung fir d'Entwécklung vum ländleche Raum zu Lëtzebuerg? Wéi eng konkret Plus-value gesäit si an de Projeten, déi an de leschte Joren duerch LEADER ënnerstëtzt goufen?

Wéi vill Projeten a wéi eng finanziell Mëttel goufen iwwert déi lescht zwee Zyklen am Kader vum LEADER-Programm zu Lëtzebuerg mobiliséiert? Kann d'Madamm Ministesch dës Zuelen no Joer a LEADER-Regioun opschlësselen an dobäi tëscht europäeschen, nationalen a lokalen oder

private Finanzéierungsmëttelen ënnerscheeden?

Wéi bewäert d'Madamm Ministesch déi aktuell Virschléi vun der Europäescher Kommissioun fir d'Finanzéierung vum LEADER-Programm am Kader vum nächste méijärege Finanzkader 2028–2034? Wéi eng konkret Auswierkunge kéinten dës Ännerungen op déi Lëtzebuerger LEADER-Regiounen an hir zukünfteg Projeten hunn?

Wéi eng Informatioune leien der Madamm Ministesch aktuell iwwert déi zukünfteg finanziell Mëttel fir de LEADER-Programm vir? Besteet aus hirer Siicht de Risiko, dass déi europäesch Mëttel fir LEADER an der nächster Finanzperiod reduzéiert ginn?

Setzt d'Madamm Ministesch sech am Kader vun den europäesche Verhandlungen dofir an, dass de LEADER-Programm och an der nächster Finanzperiod iwwer eng spezifesch a garantéiert Mindestdotatioun verfüügt an datt déi fir LEADER disponibel finanziell Mëttelen net reduzéiert ginn? Wa jo, wéi eng konkret Initiativen huet si an deem Sënn bis elo ergraff oder gesäit si nach vir?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°5011 vum 25. Oktober 2026 vum éierewäerten Deputéierten Ben Streff

Wéi bewäert d'Madamm Ministesch de LEADER-Programm a seng Bedeitung fir d'Entwécklung vum ländleche Raum zu Lëtzebuerg? Wéi eng konkret Plus-value gesäit si an de Projeten, déi an de leschte Joren duerch LEADER ënnerstëtzt goufen?

D'LEADER-Initiativ huet eng ganz grouss Bedeitung fir d'Entwécklung vum ländleche Raum zu Lëtzebuerg. Et ass eng Erfollegsgeschicht säit 1991. An de leschte 35 Joer sinn iwwer 650 innovativ Projete mat beandrockender Themevillfalt an enger partizipativer a partnerschaftlecher Approche (Bottom-up) ëmgesat ginn. Dës Projeten hu vill dozou bäigedroen, fir dynamesch an attraktiv ländlech Regiounen a Gemengen ze erhalen an ze förderen, wou d'Liewensqualitéit grouss geschriwwe gëtt.

D'Investitioun an d'Mënschen an hir Iddien ënnert dem Motto „Mënschen.Gestalten.Regiounen." steet bei LEADER ëmmer am Mëttelpunkt. LEADER bréngt Mënschen aus ënnerschiddleche Beräicher zesummen a schaaft nei Netzwierker.

2025 ass eng Etude vum Landwirtschaftsministère publizéiert ginn, déi an enker Zesummenaarbecht mat de 5 LEADER-Regioune realiséiert gouf an notamment d'Bewäertung vun der Plus-value vun der LEADER-Initiativ zu Lëtzebuerg als Sujet hat:

(https://agriculture.public.lu/de/aktuelles/2025/maerz/mehrwert-leader.html).

Wéi vill Projeten a wéi eng finanziell Mëttel goufen iwwert déi lescht zwee Zyklen am Kader vum LEADER-Programm zu Lëtzebuerg mobiliséiert? Kann d'Madamm Ministesch dës Zuelen no Joer a LEADER-Regioun opschlësselen an dobäi tëscht europäeschen, nationalen a lokalen oder private Finanzéierungsmëttelen ënnerscheeden?

cf. Tabell en annexe

Wéi bewäert d'Madamm Ministesch déi aktuell Virschléi vun der Europäescher Kommissioun fir d'Finanzéierung vum LEADER-Programm am Kader vum nächste méijärege Finanzkader 2028–2034? Wéi eng konkret Auswierkunge kéinten dës Ännerungen op déi Lëtzebuerger LEADER-Regiounen an hir zukünfteg Projeten hunn?

Et ass ze begréissen, dat am aktuelle Virschlag fir dat neit PAC-Reglement (Politique agricole commune) vun der Europäescher Kommissioun LEADER ëmmer nach als een obligatoreschen Deel virgesinn ass, allerdéngs ouni, wéi bis elo, e festgeluechte Mindestbudget.

Eng grouss Ännerung ass leider datt LEADER an Zukunft net méi aus dem dediéierte Budget vun der PAC finanzéiert soll ginn, mee aus der Allocation générale fir den nationalen a regionale Partnerschaftsplang (kuerz NRPP). LEADER ass domat a Kompetitioun mat anere Mesuren, z.B. am Beräich vun der Kohäsiounspolitik.

Konkret Auswierkunge kann dat eventuell op transnational Kooperatiounsprojeten hunn, e Beräich wou di lëtzebuergesch LEADER-Regioune bis elo ëmmer besonnesch gutt Resultater konnte virweisen. Et besteet d'Gefor, dat et méi schwéier gëtt, Partnerregiounen ze fanne wann aner Memberstaate manner Budget respektiv guer kee Budget méi fir déi transnational Kooperatioun zur Verfügung stelle wëllen.

Wéi eng Informatioune leien der Madamm Ministesch aktuell iwwert déi zukünfteg finanziell Mëttel fir de LEADER-Programm vir? Besteet aus hirer Siicht de Risiko, dass déi europäesch Mëttel fir LEADER an der nächster Finanzperiod reduzéiert ginn?

Aktuell sinn d'Negociatiounen iwwer de Cadre financier pluriannuel (CFP 2028-2034) nach net ofgeschloss, an deemno kann nach keng konkret Ausso iwwert déi zukünfteg finanziell Mëttele fir d'LEADER-Initiativ gemaach ginn.

Setzt d'Madamm Ministesch sech am Kader vun den europäesche Verhandlungen dofir an, dass de LEADER-Programm och an der nächster Finanzperiod iwwer eng spezifesch a garantéiert Mindestdotatioun verfüügt an datt déi fir LEADER disponibel finanziell Mëttelen net reduzéiert ginn? Wa jo, wéi eng konkret Initiativen huet si an deem Sënn bis elo ergraff oder gesäit si nach vir?

Et ass sech ëmmer nees agesat gi fir d'Plus-value an d'Bedeitung vum Weiderféiere vun LEADER fir Lëtzebuerg ze ënnersträichen a fir déi entspriechend finanziell Mëttelen ze kréien, sou z.B. schonns virun de Propose fir déi nei Förderperiod 2028-2034 am Conseil vun den Agrarminister de 15. Juli 2024. A ganz rezent am Conseil de 26. Oktober 2026 ass d'Approche Générale Partielle (PGA) vum PAC-Reglement matgedroe ginn, wou LEADER als een obligatoresche Bestanddeel vun der zukünfteger PAC confirméiert ginn ass.

Och am Kader vun der Signature vun der „Charte des zones rurales en Grande Région" de 27. Juli 2026 zu Libramont ass d'Bedeitung vun LEADER an der PAC mat entspriechendem Budget ënnerstrach ginn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

	Nombre total de demandes préalables (projets) *	Dépenses totales	FEADER+ETAT	*dont FEADER*	Part régionale	
					Publique (communes)	Privée
2007-2013						
GAL Redange-Wiltz	39	1 669 110.64€	1 180 427.42€	645 554.42€	433 458.64€	55 224.58€
GAL Clervaux-Vianden	18	1 449 849.76€	1 024 420.22€	553 757.41€	359 973.30€	65 456.24€
GAL Mullerthal	27	1 777 073.80€	1 261 210.69€	679 150.70€	436 666.07€	79 197.04€
GAL Miselerland	26	2 001 683.06€	1 386 590.37€	791 831.90€	592 989.39€	22 103.30€
GAL Mamer-, Äisch- an Atertdall	28	1 307 498.04€	894 381.47€	510 119.79€	380 918.01€	32 198.56€
2014-2022						
GAL Atert-Wark	48	1 768 196.98€	1 299 330.03€	1 060 918.19€	468 866.95€	0.00€
GAL Éislek	32	2 370 734.92€	1 720 698.03€	1 306 377.13€	456 597.18€	193 439.71€
GAL Regioun Mëllerdall	31	1 637 417.61€	1 207 656.47€	930 366.78€	342 954.83€	86 806.31€
GAL Miselerland	31	2 493 262.87€	1 835 725.74€	1 495 056.21€	656 034.61€	1 502.52€
GAL Lëtzebuerg West	31	1 649 975.55€	1 208 287.91€	973 665.83€	414 488.48€	27 199.16€

*Les projets de coopération ne sont comptés que pour le GAL (Groupe d'Action Locale) chef de file du projet et non pas pour les GALs partenaires.